



**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Immigratioun an Asyl Jean ASSELBORN an der Ministesch fir
Famill an Integratioun Corinne CAHEN op d'parlamentaresch Fro 7457 vum honorabelen Deputéierten
Sven Clement**

D'Regierung wäert d'Servicer, déi d'ASBL „Eng Zukunft zu Lëtzebuerg“ ugebueden huet, weiderhin ubidden. De Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun huet säit Joren eng Konventioun mat der ASTI a mam CLAE an deenen e Finanzement virgesinn ass, op där enger Säit fir de Service „Guichet Info-Migrants“ bei der ASTI a fir de Service „Espace d'Accueil Citoyen“ beim CLAE. Wéinst der staarker Nofro vun dëse Servicer, net nëmmen am Beräich vun der Begleedung vun der arabophonescher Communautéit, huet de Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun, zesumme mam Aussen- an Europaministere, dës Konventioun gestärkt, am Kader vun engem Projet deen deelweis mat Hëllef vum europäesche Fong « Asile, Migration et Intégration » (AMIF) finanzéiert gëtt. D'Koordinatioun vun den zwee Servicer kann doduerch gestärkt ginn an déi zwee Servicer wäerte vun den aktuellen 3 ETP op 5 ETP eropgefuer ginn. D'Infrastruktur vun den zwee Prestatairë wäert och gestärkt ginn. D'Gesamtfinanzement vun den zwee Servicer wäert dann 2023 bei 717.461 Euro leien.

D'Regierung ass iwweezeegt datt d'ASTI an de CLAE wäerten op mannst esou héichwäerteg Prestatiounen ubidde wéi d'ASBL „Eng Zukunft zu Lëtzebuerg“. Reegelméisseg Reuniounen vun den zwee Ministère mat den zwou ASBL'en wäerten och garantéieren datt d'Zesummenaarbecht gutt funktionéiert an datt d'Prestatiounen kënnen ugepasst ginn fir datt se esou héichwäerteg wéi méiglech bliwen.

Lëtzebuerg, den 3. Februar 2023

Minister fir Immigratioun an Asyl

(s.) Jean Asselborn